

Meeting DIVERSITY

Vivre l'intégration @ Maison Relais Galaxie & Nonnewisen



www.esch.lu



AGENCE
INTERCULTURELLE



sommaire

Meeting Diversity - Vivre l'intégration	4
Préface - Collège Echevinat d'Esch-sur-Alzette	5
Préface - Maisons Relais Galaxie et Nonnewisen	6
Préface - Agence Interculturelle-ASTI asbl.	7
Erica, Portugal	8-9
Alexandra, Russie	10-11
Nelly an Nikhil, Île Maurice	12-13
Kate, Irlande	14-15
Tania, Thaïlande	16-17
Ryan, Algérie	18-19
Maxine, Luxembourg	20-21
Valérie, Biélorussie	22-23
Ajla an Hanna, Serbie	24-25
Océane an Wyatt, Cameroun	26-27
Alicia an Ciara, Cap-Vert	28-29
Mélinda an Sofia, Maroc	30-31
Serena, Angleterre	32-33
Patchwork	34

Meeting Diversity - Integratioun liewen

Nom Erfolleg vun der Ausstellung « Vivons ensemble », déi d'ASTI-Association de Soutien aux Travailleurs Immigrés realiséiert huet, stelle mir iech « Meeting Diversity - Integratioun liewen », vir. D'Iddi ass aus Integratiounspakt vun der Stad Esch/Uelzecht enstaaen. Se gouf zesumme mat Kanner vum 2. Zyklus bis de 4. Zyklus vun der Maison Relais Galaxie a vun der Maison Relais Nonnewisen realiséiert. D'Kanner beschreiwe mat hiren eegene Wierder, wat et fir si bedeit, an enger multikultureller Gesellschaft hei zu Lëtzebuerg ze liewen. Ee vun den Ziler ass d'Zesummeliewen tëscht Persounen mat verschidden Originnen vun engem jonken Alter un ze favorisieren an d'Méiglechkeet ginn, d'Themen vum Multikulti a vun der Integratioun ze behandelen. Duerch dës Ausstellung soll och d'Toleranz an d'Verständnes vis-à-vis vun de verschidde Kulturen, déi een hei zu Lëtzebuerg fënnt, bei de Kanner favoriséiert ginn. Zurzäit ziele mir 480 Lëtzeburger Kanner an 608 Net-Lëtzeburger vu méi wéi 26 verschidden Nationalitéiten zu Esch. Dës Ausstellung besteet am ganzen aus 14 Plakater, déi op enger Roll-up-Struktur stinn (1 Plakat mat Erklärungen an 13 Banner). Drop stinn d'Aussoen iwwert d'perséinlech Erfarunge vun 18 Kanner aus verschidden Originnen.

Wann Dir dës gratis Wanderausstellung während enger Manifestatioun vun Ärer Associatioun oder Ärer Gemeng weise wëllt, zéckt net, d'Maison Relais Nonnewisen per Telefon +352 54 73 83 - 8017 oder per Mail sandy.vitali@villeesch.lu ze kontaktéieren.

Meeting Diversity - Vivre l'intégration

Après le succès de l'exposition « Vivons ensemble », réalisé par l'ASTI-Association de Soutien aux Travailleurs Immigrés, nous vous présentons « Meeting Diversity - Vivre l'intégration ». L'idée est issue du Pacte de l'intégration de la Ville d'Esch-sur-Alzette. Elle a été réalisée avec des enfants du cycle 2 allant au cycle 4 de la Maison Relais Galaxie et de la Maison Relais Nonnewisen. Les enfants décrivent dans leurs propres mots ce que signifie pour eux vivre ensemble dans une société multi culturelle ici au Luxembourg. Un des objectifs est de favoriser le vivre ensemble entre origines diverses dès le plus jeune âge et de donner la possibilité d'aborder le sujet sur le multiculturalisme et l'intégration. Cette exposition a également pour but d'encourager les enfants à la tolérance et la compréhension vis-à-vis des différentes cultures vivant ici au Luxembourg. Actuellement nous avons plus de 480 enfants luxembourgeois et 608 enfants non luxembourgeois issus de 26 différentes nationalités inscrits dans les maisons relais à Esch-sur-Alzette. L'exposition, est constituée de 14 panneaux au total montés sur une structure roll-up (1 panneau explicatif et 13 banniers). 18 enfants en tout, d'origines diverses, y témoignent d'un point de vue plus personnel de leurs expériences.

Si vous désirez montrer cette exposition ambulante gratuite de 14 «banners» lors d'une manifestation de votre association ou de votre commune, n'hésitez pas à contacter la Maison Relais Nonnewisen tél. +352 54 73 83 - 8017 ou par courriel à sandy.vitali@villeesch.lu. Les 14 banniers peuvent être facilement montés et démontés.

Virnuert vum Escher Schäfferot

Wann een déi eenzel Temoignage vun de Kanner aus dem 2. Zyklus bis de 4. Zyklus vun der Maison Relais Galaxie a vun der Maison Relais Nonnewisen liest, da kann een sech freeën a voller Hoffnung si fir eis Zukunft. Als Schäfferot vun der Stad Esch si mer eis bewosst, dass déi formal Bildung; d'Schoul an déi non-formal Bildung; déi ausserschoulesch Betreierung, déi vun de Maisons Relais'en gelescht gëtt, wichteg Piliere sinn, déi eng beschtméiglech Integratioun a Chancëgläichheet erméiglechen. D'Förderung vu Sproochekenntnisser a Vermëttlung vu Wäerter sinn hei zu Lëtzebuerg en Atout, déi et erlaben, sech gutt an eiser multikultureller Gesellschaft ze bewegen. Doduercher dat d'Kanner vill aus hire Kulturen aus deem Ursprungsland vun hirer Famill matbréngen gëtt et an eiser Stad nach méi lieweg a nach méi villsäiteg. Mer wëllen hei op dëser Plaz ganz besonnesch de Kanner an hirer Famill villmools Merci soe fir hier ganz flott an interessant Ausstellung, awer och dem sozio-educative Personal mat hire Responsablen aus de Maisons Relais'en an der ASTI. Dëse Projet soll hei net ophalen, mee soll dozou encouragéieren, dass nach weiderhi vill integrativ Aktiounen an Zukunft an d'Liewe geruff ginn. Wa mär op dësem Wee weiderfueren da geléngt et eis e flott a friddlecht Mateneen an eiser Stad Esch ze gestalten. Doriwwer eraus och e Bäitrag fir eist Land ze leeschten, wou all Mënsch seng Plaz fënnt a sech op seng Aart a Weis verwickleche kann. Dat ass déi Aart a Weis, wéi mär eis dat hei zu Esch virstellen. Dat war nach ëmmer den Escher hir Stärkt. Nach eng Kéier e ganz grouesse Merci un iech all!

De Schäfferot vun der Stad Esch

préface du Collège échevinal

En lisant les différents témoignages des enfants du 2^e cycle jusqu'au 4^e cycle de la Maison Relais Galaxie et de la Maison Relais Nonnewisen on peut se réjouir et être plein d'espérances pour le futur. Le collège des bourgmestre et échevins de la Ville d'Esch-sur-Alzette est convaincu que l'éducation formelle, l'école et l'éducation non-formelle, qui est assurée par les Maisons Relais, sont des piliers importants pour garantir l'intégration et le principe de l'égalité des chances d'une manière optimale. La promotion des connaissances des langues et la transmission des valeurs ont toujours été des atouts au Luxembourg, permettant de bien se mouvoir dans notre société multiculturelle. Par le fait que les enfants apportent beaucoup de la culture du pays d'origine de leur famille, la vie dans notre ville devient encore plus attrayante et plus diversifiée. Il nous tient à cœur de remercier particulièrement les enfants et leur famille pour la réalisation de cette exposition très intéressante, ainsi que le personnel socio-éducatif avec leurs responsables des Maisons Relais et l'ASTI pour leur soutien. Nous espérons que ce projet encouragera la mise en place d'autres initiatives en faveur de l'intégration. Cette façon de procéder est le meilleur garant pour un vivre-ensemble constructif et paisible dans notre ville d'Esch. Il s'agit également de contribuer à ce que chaque citoyen et citoyenne trouve sa place dans la société luxembourgeoise et se développe à son aise. C'est la façon dont nous, eschoises et eschois, concevons ce vivre-ensemble ici à Esch. Cela a toujours été le point fort des eschoises et des eschois. Encore une fois un grand Merci à vous toutes et tous !

Le collège des bourgmestre et échevins de la Ville d'Esch-sur-Alzette



Vera Spautz



Daniel Codello



Jean Tonnar



Henri Hinterscheid



Martin Kox

Integratioun liewen !



Wéi mir vum Projet vun dëser Expo am Kader vum Escher Integratiounspakt héieren hunn, wuere mir direkt décidéiert, dass mir e réaliséiere wélten. An eise Maisons Relais'en zu Esch hu mir eng grouss Diversitéit u Kulturen a mir hu fonnt, dass et eng flott Geleeënheet wier, se durch dëse Moyen virzestellen. All Akteur, dee sech mam Projet « Meeting Diversity – Vivre l'intégration » ausernee gesat huet, wuar vum Ufank u mat Leif a Séil dobäi, an et wuar eng schéin an dynamesch Erfahrung, wou mir alleguerten e bëssi méi no zuenenee geréckelt sinn. Et ass e Liichtbléck an onser Gesellschaft z'erliewen, wéi onbefaange Kanner mam

Thema Integratioun emginn. Fir si ginn et keng Friemer, keng Inegalitéiten an eigentlech och keng Integratioun. Integratioun geschitt einfach; am Alldag, am Mateneen, am géigesäitege Respekt durch Relatiounen mat eise Matmënschen. Et ass duerfir och eng wichteg Missioun déi d'Maison Relais'en hunn, dës Wäerter de Kanner an hieren Elteren an domadder eiser Gesellschaft, mat op de Wee ze ginn. Op dëser Plaz wëlle mir en häerzleche Merci un déi Escher Gemengeverantwortlech riichten; un eis Buergermeeschtesch d'Madame Vera Spautz, un den Här Daniel Codello, den zoustännege Scheffen fir Integratioun an „Net-Diskriminierung“, un den Herr Tonnar, zoustännege Scheffen fir Structures d'accueil an Enseignement, an un de ganze Schäfferot, esouwéi un d'Madame Nicole Jemming vum Chancengläichheetsservice; och e grouse Merci un den Här Marc Faber an d'Madame Laura Zuccoli vun der ASTI, déi eis mat Rot an Dot zur Säit stungen; esouwéi un eist sozio-educatiiv Personal vun de Maisons Relais'en Galaxie an Nonnewisen, déi d'Interviewë mat de Kanner gefouert hunn. E grouse Merci och un d' Elteren, déi aktiv mat am Projet involvéiert wuere an déi eis Anekdoten vun hierer Heemecht erzielt hunn a schlieslech e rise Merci un all Kanner, déi matgemaach hunn, well ouni si hätt dëse Projet ni réaliséiert kënne ginn. Merci un den Herr Laurent Zimmer, Gestionnaire administratif vun den Escher Maisons Relais'en fir seng Ennerstëtzung. E weidere Merci geet och un d'Madame Lena de Matos an un den Herr Tom Graas fir d'Iwwersetzungen an Korrektioun. Mir wënsche vill Spaass bei der Lektür vun dëser Brochure.

Sylvia MARQUES a Sandy VITALI - Chargées de Direction/Coordinatrices vum Projet
MRE Galaxie an MRE Nonnewisen

Vivre l'intégration !

Dès que nous avons entendu parler du projet de cette exposition dans le cadre du pacte d'intégration d'Esch-sur-Alzette, nous avons voulu le réaliser. Nos Maisons Relais à Esch présentent une grande diversité culturelle et nous avons trouvé que cette initiative serait une bonne opportunité pour présenter nos structures. Tous ceux qui se sont penchés sur le projet « Meeting Diversity – Vivre l'intégration » s'y sont dévoués corps et âmes. Cela fut une belle expérience, pleine de dynamisme et grâce à laquelle nous nous sommes rapprochés les uns des autres. Voir comment les enfants se comportent naturellement en ce qui concerne l'intégration représente une lueur d'espoir dans notre société. Pour eux, les concepts d'étranger, d'inégalité et même d'intégration n'existent pas. L'intégration se fait naturellement ; au quotidien, ensemble, dans le respect mutuel et lors des relations avec les autres. C'est pour cette raison que les Maisons Relais ont une mission essentielle: celle de transmettre ces valeurs aux enfants et à leurs parents et ainsi, à notre société. Nous en profitons pour remercier chaleureusement les responsables de la Commune d'Esch ; notre bourgmestre, Madame Vera Spautz, Monsieur Daniel Codello, échevin en charge de l'intégration et de la non-discrimination, Monsieur Tonnar, échevin en charge des structures d'accueil et de l'enseignement, tout le collège échevinal ainsi que Madame Nicole Jemming du service à l'égalité des chances. Un grand merci également à Monsieur Marc Faber et Madame Laura Zuccoli de l'ASTI, qui nous ont fourni aide et conseil, ainsi qu'au personnel socio-éducatif de nos Maisons Relais Galaxie et Nonnewisen, qui ont interrogé les enfants. Un grand merci aussi aux parents, qui se sont impliqués activement dans le projet et nous ont raconté des anecdotes sur leurs pays. Et finalement, un très grand merci aux enfants qui ont participé au projet, car sans eux, ce projet n'aurait jamais pu être réalisé. Merci aussi à Monsieur Laurent Zimmer, gestionnaire administratif des Maisons Relais d'Esch-sur-Alzette, pour son soutien. Et enfin, merci à Madame Lena de Matos et Monsieur Tom Graas pour leurs traductions et corrections. Nous vous souhaitons une agréable lecture de notre brochure.

Sylvia MARQUES et Sandy VITALI - Chargées de Direction/Coordinatrices du Projet
MRE Galaxie et MRE Nonnewisen

D'Kanner illustréieren d'Diversitéit déi sie all Dag liewen !



Zënter 20 Joer engagéiert d'Agence Interculturelle vun der ASTI sech a Projeten déi d'Diversitéit promouvéieren – eng Diversitéit di e Räichtum fir jidderene ass, grouss a kleng. Fir eis war et also evident fir d'Kanner (mat hiren Elteren) fir eng multikulturell Gesellschaft ze sensibiliséieren an hinnen d'Geleeënheet ze ginn, fir hir Visioun vun dëser Diversitéit duerstellen. D'Iddi war fir d'Kanner ze sensibiliséieren dës Chance ze hunn, fir zu Lëtzebuerg grouss ze ginn, an enger Gesellschaft déi räich u Kulturen ass, a fir ze verhënnere, dass si Léit ginn, déi nëmmen op sech bezu sinn.

2007 huet d'ASTI eng Ausstellung op d'Bee gestalt, déi: « Vivons ensemble-typesch Lëtzebuerg » geheescht huet . Des Ausstellung beinhalt 12 Roll-upen, déi Portraité weise vun erwuessene Persounen mat diversen Originen, déi zu Lëtzebuerg liewen, an déi hier perséinlech Geschicht erzielen, wat hier Migratioun an hire Parcours betreffen. D'Iddi ass eis du komm, fir dës Konzept vun der Ausstellung erëm ze huelen, mee des Kéier mat perséinleche Geschichte vu Kanner. Duerch eis exzellente Kollaboratioun mat der Gemeng Esch, am Kader vum Gemengen-Integratiounspakt, hu mir dës Iddi deene politesch Verantwortlechen an de Maisons-relaisé vun Esch ënnerbreet. Si ass mat Begeescherung opgehooll ginn a mir si besonnesch houfreg, fir d'Realisatioun vun deer Ausstellung ze gesinn. Mir hoffen, dass si den Erfolleg huet, dee si verdéngt an dass si et erméiglecht d'Verschiddenaartegkeet vun eiser Gesellschaft ze entdecken, durch den originellen a liewege Bléck vun de Kanner.

Marc Faber a Laura Zuccoli
Agence Interculturelle-ASTI asbl.

Les enfants témoignent de la diversité qu'ils vivent au jour le jour !

Depuis 20 ans, l'Agence Interculturelle de l'ASTI s'engage dans des projets promouvant cette diversité qui est une richesse pour tous – petits et grands. Pour nous, il était donc évident de sensibiliser les enfants à notre société multiculturelle, de leur donner l'occasion de montrer leur vision de cette diversité. L'idée était de sensibiliser les enfants (avec leurs parents) à cette chance qu'ils ont, de grandir au Luxembourg dans une société riche en cultures et d'éviter ainsi qu'ils deviennent des « individus repliés-sur-eux-mêmes ».

En 2007, l'ASTI avait réalisé une exposition, intitulée « Vivons ensemble-typesch Lëtzebuerg ». Dans cette exposition, 12 roll-ups présentaient des portraits de personnes adultes d'origine diverse séjournant au Luxembourg, décrivant l'histoire personnelle de leur migration et leur parcours de vie dans notre pays. L'idée nous est alors venue de reprendre ce concept d'exposition, mais en proposant des histoires personnelles d'enfants. Grâce à notre excellente collaboration avec la Ville d'Esch-sur-Alzette dans le cadre du pacte d'intégration communal, nous avons soumis l'idée aux responsables politiques et des maisons relais de la ville d'Esch. L'idée fut adoptée avec enthousiasme, et nous sommes particulièrement fiers de voir la réalisation de cette exposition. Nous espérons qu'elle aura le succès qu'elle mérite et qu'elle permettra de découvrir notre société de la diversité à travers le regard vivant et original des enfants.

Marc Faber et Laura Zuccoli
Agence Interculturelle-ASTI asbl.





Erica
10 Joer/ans

Olá, mäin Numm ass Erica an ech hunn 10 Joer. Meng Mamm a mäi Papp si Portugisen. Ech liewen zënter 2 Joer zu Lëtzebuerg. A Portugal hunn ech nach ganz vill Kollegen a Famill a ginn doduerch och nach réigelméisseg dohinner. Zu Lëtzebuerg fillen ech mech ganz wuel, och wann ech d'Sprooch nach net richtig beherrschen, mä ech hunn hei awer och ganz vill nei Kollege gewonnen. Ech schwätzen de Moment wéineg Lëtzebuergesch, well ech nach Angscht hunn, Feeler ze soen.

Ech fille mech voll a ganz als Portugis.

Olá, je m'appelle Erica et j'ai 10 ans. Ma mère et mon père ont la nationalité portugaise. Je vis au Luxembourg depuis seulement 2 ans. Au Portugal j'ai encore beaucoup de famille et d'amis et donc j'y retourne régulièrement. Je me sens très bien ici au Luxembourg, même si je ne sais pas encore bien parler le luxembourgeois, mais je me suis déjà fait beaucoup d'amis depuis que je suis ici. Pour le moment, je parle peu le luxembourgeois parce que j'ai encore peur de faire trop de fautes.

Je me sens complètement portugaise.





Alexandra

9 Joer/ans

Prüwjet, mäin Numm ass Alexandra an ech hunn 9 Joer. Meng Mamm ass eng Russin a mäi Papp e Lëtzebuenger, doduerch schwätzen ech just mat menger Mamm russesch. Meng Famill kënnt aus allen Ecke vu Russland, ech war viru 5 Joer fir d'lescht dohannen. Ech skypen awer réigelméisseg mat menger Famill, fir Kontakt ze halen. Den Ënnerscheid, tëschent Russland a Lëtzebuerg ass, dass dëst Land vill méi kleng ass, mä awer och vill mei sécher ass a manner Accidenter geschéien. Wann ech net zu Lëtzebuerg gebuer wier, géing ech mech vläicht och méi russesch fillen.

Ech fille mech Lëtzebuenger.

Prüwjet, je m'appelle Alexandra et j'ai 9 ans. Ma mère est d'origine russe et mon père luxembourgeois, voilà pourquoi je parle le russe uniquement avec ma mère. Ma famille vient de différents coins de Russie. La dernière fois que j'étais en Russie c'était il y a 5 ans. Cependant je garde le contact avec la famille par Skype. La différence entre le Luxembourg et la Russie est que le Luxembourg est beaucoup plus petit, plus sûr et il y a moins d'accidents. Si je n'étais pas née au Luxembourg je me sentirais peut être plus russe.

Je me sens Luxembourgeoise.





Nelly
6 Joer/ans

Nikhil
8 Joer/ans

Bonjour, ech heeschen Nikhil, hunn 8 Joer a sinn op Mauritius gebuer. Ech sinn d'Nelly an hu 6 Joer a sinn hei zu Lëtzebuerg gebuer. Mä sinn zu Lëtzebuerg grouss ginn, a mä hu vill Frënn. Mä hunn allen zwee déi mauritanesch Nationalitéit. Op Mauritius schwätzen d' Leit, och wann déi englesch Sprooch déi offiziell ass, haaptsächlech Franséisch an och Créole. Et gi verschidde Kulturen, wou Hindi, Arabesch a Chinesesch geschwuat gëtt. Eis Eltere sinn allen 2 op Mauritius gebuer, a schwätzen ënnertenee Créole, Franséisch, Englesch an Hindi. Eis Famill huet zu Mauritius en Haus wou mä och dacks an d'Vakanz ginn. D'lessen dohannen ass ganz villsäiteg.

Mä sinn all frou zu Lëtzebuerg, mat där ganzer kultureller Diversitéit.

Bonjour, je m'appelle Nikhil et j'ai 8 ans. Je suis né à l'île Maurice. Moi, je suis Nelly et j'ai 6 ans, je suis née au Luxembourg. Nous avons grandi au Luxembourg et nous avons beaucoup d'amis. Nous avons la nationalité mauricienne. A l'île Maurice, bien que l'anglais y soit la langue officielle. Les mauriciens parlent couramment le français et le créole. C'est une population de différentes cultures, on y parle l'hindi, l'arabe et le chinois. Mes parents sont nés là-bas et ils parlent le créole, l'anglais, le français et le hindi. Notre famille a une maison à l'île Maurice où nous passons aussi nos vacances. On y retrouve un éventail de plats indiens, chinois, créoles et européens qui font la force de cette cuisine.

Nous sommes très heureux au Luxembourg avec toute cette diversité culturelle.





Kate

8 Joer/ans

Hello, ech heeschen Kate, hunn 8 Joer a sinn hei zu Lëtzebuerg gebuer. Ech hunn déi iresch Nationalitéit. Meng Mamm ass an Irland gebuer a mäi Papp an England. Ech hunn nach zwou grouss Schwëstere. Déi eelst ass an Irland gebuer an déi méi jonk zu Lëtzebuerg. Ech war schonn oft an England an och an Irland. Doheem bei mäi gëtt Englesch geschwat. Ech, meng Schwëstere a meng Eltere sinn déi eenzeg, déi hei zu Lëtzebuerg wunne vun der Famill. All déi aner wunnen am Ausland. An Irland reent et nach méi dacks wéi hei zu Lëtzebuerg, duerfir kënnt et och vir, dass alles iwwerschwemmt ass. Wann ech an Irland an d'Vakanz ginn, schlofen ech a meng Famill bei mengem Bopa oder an engem Hotel an dann iesse mäi all Fish&Chips.

Ech fülle mech wuel zu Lëtzebuerg, well et hei vill verschidden Nationalitéite ginn, déi all gemëscht ënnertenee liewen a mäi net alleguer gläich si mä et vun allem gëtt.

Hello, je m'appelle Kate, j'ai 8 ans et je suis née au Luxembourg. J'ai la nationalité irlandaise. Ma mère est irlandaise et mon père anglais. J'ai aussi deux grandes sœurs, la plus âgée est née en Irlande et mon autre sœur au Luxembourg. J'ai déjà souvent visité le Royaume-Uni et l'Irlande aussi. A la maison nous ne parlons que l'anglais. Moi, mes sœurs et mes parents, nous n'avons pas d'autre famille ici au Luxembourg. Le reste de ma famille vit dans d'autres pays. En Irlande, il pleut encore plus souvent qu'ici au Luxembourg, alors il y a parfois des inondations. Quand je pars en vacances en Irlande, je vais dormir avec ma famille chez mon grand-père ou à l'hôtel et puis nous mangeons tous une spécialité appelée Fish&Chips.

Je me sens bien ici parce qu'il existe une grande diversité de nationalités qui vivent mélangés entre elles et parce que nous ne sommes pas tous pareils, mais on trouve un peu de tout.





Tania

12 Joer/ans

Sawadee kha, mäin Numm ass Tania an ech hunn 12 Joer. Meng Mamm kennt aus Thailand a mäi Papp ass Lëtzebuurger. Ech sinn hei zu Lëtzebuerg gebuer, mä hunn nach Famill an Thailand. Meng Nationalitéit ass Lëtzebuurger. Ech praktizéieren de Buddhismus an hunn och eng Ketten u mat engem Buddha drun, deen mer Gléck bréngt. Ech fille mech ganz wuel hei zu Lëtzebuerg, well ech eben hei opgewuess sinn an och vill Kollegen hei hunn. Ech hunn awer och thailännesch Kollegen hei, mat deenen ech och Thailännesch schwätzen. Ech fueren all 2 Joer an Thailand bei meng Famill.

Ech si Lëtzebuurger mat engem thailänneschen Häerz.

Sawadee kha, je m'appelle Tania et j'ai 12 ans. Ma mère est thaïlandaise et mon père luxembourgeois. Je suis née au Luxembourg mais j'ai encore de la famille en Thaïlande. J'ai la nationalité luxembourgeoise. Je pratique le bouddhisme et je porte un collier avec un petit Bouddha qui me porte bonheur. Je me sens bien au Luxembourg parce que j'ai grandi ici et j'ai énormément d'amis. J'ai aussi des amis thaïlandais avec lesquels je parle ma langue maternelle. Je pars tous les 2 ans en Thaïlande rendre visite à ma famille.

Je suis luxembourgeoise avec un cœur thaïlandais.

famille
musulmane

Le Coran

expliqué à mon enfant

*Sourate "Al-Takwîr"
jusqu'à la Sourate "An-Nabâ"*

TOME 5



Rayane
11 Joer/ans

Salam alikoum, ech sinn de Rayane an hunn 11 Joer. Ech sinn hei gebuer an hunn déi lëtzeburger Nationalitéit, mä hunn algeresch Wuerzelen. Meng Famill an ech selwer praktizéieren eis algeresch Traditiounen an och eis islamesch Relioun. Mir feieren awer méttlerweil och mäi Gebuertsdag, och wann dat net bei eis gefeiert gëtt. Meng Famill an Algerien besichen ech eemol am Joer. Ech si gärén hei zu Lëtzebuerg, well et hei verschidden Nationalitéite gëtt an ech vill Sproche Léiere kann.

Lëtzebuerg ass mäi Land, awer Algerien bleift meng Heemecht.

Salam alikoum, je m'appelle Rayane et j'ai 11 ans. Je suis né ici et j'ai la nationalité luxembourgeoise, mais je suis d'origine algérienne. Ma famille et moi-même pratiquons les traditions algériennes, ainsi que notre religion musulmane. Nous avons également repris quelques coutumes luxembourgeoises, comme fêter mon anniversaire, ce qui ne se fait pas dans mon pays d'origine. Je rends visite une fois par an à ma famille en Algérie. J'apprécie de vivre au Luxembourg, car il y a beaucoup de gens de différentes nations, ce qui me permet d'apprendre beaucoup de langues.

Le Luxembourg c'est mon pays où je vis et l'Algérie est ma patrie.





Maxine
11 Joer/ans

Moien, mäin Numm ass Maxine an ech hunn 11 Joer an ech sin Lëtzebuurger. Meng Eltere sinn allen zwee hei zu Lëtzebuerg gebuer. Meng Frënn hunn all verschidden Nationalitéiten a meng beschit Frëndin ass vum Cap Vert. Hatt huet mir scho ganz vill vu sengem Land erzielt. Ech gi gärden an aner Länner an d'Vakanz, well ech do d'Mir hunn an mech fir aner Kulturen interesséieren.

Ech si gärde Lëtzebuurger, well et eis hei gutt geet, mir hu kee Krich a meng ganz Famill ass hei.

Moien, je m'appelle Maxine, j'ai 11 ans et je suis luxembourgeoise. Mes parents sont nés tous les deux ici et ils sont luxembourgeois. Mes amis ont tous différentes nationalités ; ma meilleure amie a la nationalité cap verdienne et elle m'a beaucoup raconté au sujet de son pays. J'aime voyager dans d'autres pays car il y a la mer et je m'intéresse aux différentes cultures.

J'aime être luxembourgeoise parce qu'on vit bien ici ; il n'y a pas la guerre et j'ai toute ma famille près de moi.





Valérie

9 Joer/ans

Dobryj djen, ech sinn d' Valérie an hunn 9 Joer. Ech sinn hei zu Lëtzebuerg gebuer. Meng Mamm ass vu Minsk, aus Wäiss-Russland heihinner komm, a mäi Papp ass Lëtzebuerger. Mat menger Mamm schwätzen ech russesch. Doheem hunn ech vill schéi Bicher a kyrillescher Schrëft, dat gefält mir gutt. Ech fille mech gutt hei zu Lëtzebuerg, an hunn och vill Kollege mat ville verschiddenen Nationalitéiten. Et mécht mech jhust e bëssi traureg, wann een eng Sprooch schwätzt, déi ech net verstinn

Zësumme liewen, hei am Land heescht fir mech keen ausschléissen, mat all de Kanner spillen an eis geëgäiteg respektéieren.

Dobryj djen, je suis Valérie et j'ai 9 ans et je suis née au Luxembourg. Ma mère vient de Minsk, en Biélorussie et mon père est luxembourgeois. Avec ma mère je parle russe. A la maison je possède beaucoup de jolis livres russes écrits en alphabet cyrillique, ça me plaît beaucoup. Je me sens bien au Luxembourg et j'ai beaucoup d'amis de différentes nationalités. Ce qui me rend un peu triste, c'est quand quelqu'un parle une langue que je ne comprends pas.

Vivre ensemble signifie pour moi de n'exclure personne et de jouer avec tous les enfants en se respectant mutuellement.





Ajla
18 Joer/ans

Hana
7 Joer/ans

Dobro jutro, mir sinn d'Ajla 10 Joer an d'Hana 7 Joer. Mir sinn allen zwee hei zu Lëtzebuerg gebuer. Eis Mamm ass aus dem Montenegro mat 12 Joer wéinst dem Biergerkrich heihinner komm. Eise Papp aus Serbien ass zësumme mat sengem Brudder, eise Monni, nokomm. Mir fillen eis hei am Land genee sou gutt, wéi a Serbien. Mir fillen eis och net als Auslänner, mä genee sou wéi déi aner och, eis Kollege sinn zimlech all Lëtzebuurger. Een Hobby aus eiser Kultur ass de Folklore aus dem Montenegro, de Kleesche kënnt bei eis ee Mount éischer, wéi hei zu Lëtzebuerg. Mäer bidden och virum schlofe goen, dat soll engem gutt Dreem bréngen. Bei eis gëtt et och de Ramadan. Gebuertsdeeg an d'neit Joer feiere mir och, jhust aner traditionell Fester wéi Chrëschttag oder d'Fuesent feiere mir net.

Zësumme liewen hei zu Lëtzebuerg ass vir eis, wa mäer mat eiser Famille kënne sinn.

Dobro jutro, nous sommes Ajla, 10 ans et Hana, 7 ans. Nous sommes toutes les deux nées au Luxembourg. Quand notre maman avait 12 ans, elle est partie du Monténégro à cause de la guerre civile. Notre papa et son frère, notre oncle, qui sont originaires de la Serbie, sont également partis pour rejoindre notre maman au Luxembourg. Nous ne nous sentons pas comme des étrangers, mais très bien intégrées, comme tous les autres enfants. Majoritairement, nous avons des amis luxembourgeois. Un loisir de notre culture, est le folklore du Monténégro. Là-bas, le Saint Nicolas passe au mois de novembre, donc un mois plus tôt qu'ici au Luxembourg. Avant de dormir, nous faisons la prière, il paraît que ça favorise les bons rêves. Chez nous, il existe aussi le Ramadan. Nous fêtons également les anniversaires et le nouvel an, mais nous ne célébrons pas les fêtes traditionnelles comme Noël et Carnaval.

Vivre ensemble ici, au Luxembourg, signifie pour nous vivre ensemble avec notre famille.





Océane an
Wyatt

8 Joer/ans

Méryéga, mir sinn d'Océane an de Wyatt a mir hunn 8 Joer. Wéi dir bestëmmt gemierkt hutt si mir also Zwillingen. Mir sinn hei zu Lëtzebuerg gebuer. Eis Eltere kommen aus dem Kamerun aus der Stad Douala. Mir fillen eis gutt hei zu Lëtzebuerg a sinn och frou vill lëtzebuergesch Kollegen ze hunn, well duerch si hu mir och séier Lëtzebuergesch geléiert, well mir doheem nëmme Bassa, dat ass een Dialekt, oder Franséisch schwätzen. Wa mir dohinner an d'Vakanz ginn, da spille mir vill Fussball. Scho moies fréi, wann d'Sonn opgeet, dann ass et scho gutt waarm, an d' Kanner treffen sech dann op der Strooss a spillen, tëschent den Haiser.

Hei zu Lëtzebuerg ass d'Zëmmeliewe schön a flott.

Méryéga, nous nous appelons Océane et Wyatt et nous avons 8 ans. Comme vous l'avez peut-être déjà remarqué, nous sommes des jumeaux. Nous sommes nés au Luxembourg. Nos parents sont originaires de la ville Douala du Cameroun. Nous nous sentons bien au Luxembourg et nous sommes contents d'avoir beaucoup d'amis luxembourgeois, car grâce à eux nous avons appris la langue luxembourgeoise. A la maison, nous parlons le Bassa, c'est le dialecte de Douala, ou bien le français. Si nous partons en vacances au Cameroun, nous jouons beaucoup au football. Déjà tôt le matin, quand le soleil se lève, tous les enfants du village se retrouvent dehors, dans la rue, pour jouer entre les maisons.

La vie au Luxembourg est belle et agréable.





Alicia
9 Joer/ans

Ciara
5 Joer/ans

Bon dia, mir sinn d'Alicia 9 Joer an d'Ciara d' 5 Joer. Mir sinn allen zwee hei zu Lëtzebuerg op d'Welt komm. Eis Famill ass vu Santo Antão, di zweetgréisst Insel vum Cap-Vert. Mir fillen eis gutt hei a mierken och keen Ënnerscheed tëschent eis an deenen anere Kanner. Mir si frou, dass mir vill Frënn mat verschiddenen Nationalitéiten hunn, well mir esou och hier Kultur kënne léieren.

Fir eis ass zëssumme liewen, wann een net mat deenen anere streit.

Bon dia, nous sommes Alicia, 9 ans et Ciara, 5 ans. Nous sommes nées toutes les deux au Luxembourg. Notre famille est de Santo Antão, la deuxième île la plus grande du Cap-Vert. Nous nous sentons bien ici et nous ne constatons pas de différences entre nous et les autres enfants. Nous sommes contentes d'avoir beaucoup d'amis de nationalités différentes, c'est ainsi que nous apprenons à connaître leurs cultures.

Pour nous, vivre ensemble signifie ne pas se disputer avec l'autre.





Melinda
10 Joer/ans

Sofia
9 Joer/ans

Marhaban, mir sinn d'Melinda 10 Joer an d'Sofia 9 Joer a mir sinn hei zu Lëtzebuerg gebuer. Eis Mamm ass aus Frankräich an eise Papp vu Marokko. Sie sinn op Lëtzebuerg komm fir hei ze schaffen. Mir fillen eis ganz gutt hei am Land. Traditione vun hei, wéi Chrëschttag, Silvester, Halloween, d'Fuesent oder Ouschteren hu mir iwwerholl a freeën eis, dat kënnen ze feiere, well am Marokko gëtt et dat net op esou eng Manéier ewéi hei. Mir danze gäre marokkanesch a bieden all Owend virum schlofe goen.

Mir wëlle mat eiser Famill hei bleiwen, d'Schoul fäerdeg maachen an da schaffe goen, et dann esou maache wéi eis Elteren et gemaach hunn.

Marhaban, je suis Melinda, 10 ans et moi, je suis Sofia, 9 ans. Nous sommes nées au Luxembourg. Notre maman vient de France et notre papa du Maroc. Ils ont trouvé du travail au Luxembourg. Le Luxembourg nous plaît beaucoup, car ici nous avons découverts les traditions comme fêter Noël, la St. Silvestre, Halloween, Carnaval, Pâques et nous nous réjouissons pour les fêter également avec les autres enfants. Au Maroc cela n'existe pas de cette manière. Nous aimons la danse marocaine et nous prions chaque soir avant d'aller se coucher.

Nous voulons rester ici avec notre famille, terminer l'école et ensuite aller travailler, tout comme nos parents l'ont fait.





Serena

9 Joer/ans

How do you do? Ech sinn d'Serena 9 Joer a sinn hei zu Lëtzebuerg gebuer. Meng Mamm kënnt aus England a mäi Papp ass a Portugal gebuer. Ech fille mech gutt hei zu Lëtzebuerg, ginn awer nach vill an England an d' Vakanz an a Portugal gi mir ee bis zwee mol d' Joer. Traditionell aus England hu mir doheem e Fändel an e Kaffisservice.

Eis geet et gutt hei, d'Schoule si gutt an ech si glécklech, fir hei zu Lëtzebuerg kënne mat menger Famill ze liewen.

How do you do? Je suis Serena, j'ai 9 ans et je suis née au Luxembourg. Ma mère vient de l'Angleterre et mon père est né au Portugal. Je me sens très bien ici, mais une à deux fois par an je pars en vacances en Angleterre et au Portugal. La tradition anglaise veut que nous possédions un drapeau de l'Angleterre et un service de thé.

Nous allons bien ici, les écoles sont bonnes et je suis heureuse de pouvoir vivre ensemble avec ma famille.



Impressum:

Brochure Meeting Diversity sous le patronage
de la Ville d'Esch-sur-Alzette, juillet 2014

En collaboration avec les Maisons Relais Galaxie et Nonnewisen,
l'ASTI et le service à l'égalité des chances

Coordination du projet: Sandy Vitali, Sylvia Marques

Rédaction: Textes en français et luxembourgeois
par les équipes socio-éducatives

Conception graphique / Layout / Photos:
www.altiscrea.com

Responsable du projet pour la diffusion:
Sandy Vitali - Sandy.Vitali@villeesch.lu

